N° 5849
Reçue le 02.03.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.03.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/03/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien & Finanzen weiderzeleeden.**

D'Benotze vu Social Media zu Promotiounszwecker ass hautzedaags een essentiellt Element vun all Publicitéit. Och an der Politik si Social Media Konten nëtzlech, fir am Austausch mat der Gesellschaft ze sinn. Ministeren an hier Verwaltunge schalte reegelméisseg Annoncen an Publicitéiten op Social Media, fir d'Bevëlkerung op Projeten oder Ännerungen opmierksam ze maachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wei héich ass de Budget insgesamt fir d'Profiller an d'Promotioun vun de Ministèren op Social Media?
2. Wéi ass dëse Budget op déi verschidde perséinlech Profiller vun de Ministèren/Ministeschen opgedeelt?
3. Wéi vill ëffentlech Gelder hunn déi eenzel Ministèrë säit Ufank 2014 fir Annonce a Publicitéite fir hir Konten op Social Media ausginn (opgelëscht no Joer, Ministère an no Medium)?
4. Wéi vill ëffentlech Gelder hunn déi eenzel Ministeren a Ministesche säit Ufank 2014 fir Annonce a Publicitéite fir hir perséinlech Konten op Social Media ausginn (opgelëscht no Joer an no Medium)?
5. Wéi vill ëffentlech Gelder hunn déi eenzel Ministèrë säit Ufank 2014 fir extern Beroder a sougenannten "Content Creators" hisiichtlech dem Contenu op hire Konten op Social Media ausginn (opgelëscht no Joer, Ministère respektiv Minister an no Medium)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député